N°1953
Entrée le 17.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister a vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 1953 vum 18. Februar 2025 vun den honorabelen Deputéierte Madamm Corinne Cahen a Madame Carole Hartmann.**

Mam Gesetz vum 27. Mäerz 2018 iwwert d'Organisatioun vun der ziviller Sécherheet gouf de SAMU (Service d'aide médicale urgente) an de CGDIS integréiert. D'Koordinatioun an d'Gestioun vum SAMU gëtt vun der Direction médicale et de la santé (DMS) vum CGDIS assuréiert.

Den Artikel 88 vum uewe genannte Gesetz gesäit fir, datt de CGDIS e sougenannten « Référentiel de ressources et d'organisation pour le SAMU » erstellt an datt heizou den Avis vun enger representativer Organisatioun vun de SAMU's Doktere gefrot muss ginn.

De Référentiel a senger aktueller Form gouf de 16. November 2018 vum Verwaltungsrot vum CGDIS ugeholl. E reegelt d'Qualifikatioun vum SAMU's Dokter : « Le médecin SAMU est un spécialiste en anesthésie-réanimation ou en anesthésiologie autorisé à exercer la médecine au Luxembourg par le ministre ayant la Santé dans ses attributions. »

Vu datt de Référentiel a senger aktueller Versioun vum 16. November 2018 nach ëmmer a Kraaft ass, gëtt et bis zum haitegen Zäitpunkt keng Entscheedung vum CGDIS, datt e SAMU's Dokter eng aner Qualifikatioun soll hu wéi déi vun engem Anästhesiste-Réanimateur.

Laut Informatioune vum CGDIS schafft d'DMS de Moment zesumme mat Vertrieder vun de SAMU's Dokteren un hierem Kompetenz-Katalog. Sollt et an deem Kontext zu enger Ännerung vun der Qualifikatioun vum SAMU's Dokter kommen, esou muss déi am Référentiel vum Verwaltungsrot festgehale ginn. De Cercle des médecins anesthésistes-réanimateurs du Grand-Duché de Luxembourg gëtt an deem Fall och ëm säin Avis gefrot.

Lëtzebuerg, den 17. Mäerz 2025

Den Inneminister

(s.) Léon Gloden